N° 7951
Entrée le 02.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.05.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/05/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am Gesetz vum Dezember 2019 gouf de legale Kader fir de Reseau un Vëlospisten zu Lëtzebuerg iwwerschafft. An den deemolege Presentatiounen vum Ministère an am Text vum Gesetzesprojet war dat erkläertent Zil deemools 1102km Vëlospiste uechtert Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun deenen 430km, déi säit 2018 u neier Vëlospiste sollte gebaut ginn, si bis elo gebaut ginn?
2. Wéi vill vun deenen 180km (dovunner 113km déi 2018 deklasséiert waren) déi vu fréiere Vëlospisten erëm sollten opgeholl ginn, sinn elo erëm Deel vum Reseau?
3. Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil, dass 10% vun den Trajeten (>5km) Doheem-Aarbecht via Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut?
4. Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil festgesat ginn, dass 15% vun de Schoulweeër (>5km) mam Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut?
5. 2018 ware 95km vum Vëlosreseau am "trafic mixte". Wéi vill Kilometer sinn et haut? Wéi vill Prozent vun der Gesamtlängt vun de Vëlospiste sinn et haut?
6. Wéi eng Projete fir nei Vëlospisten, déi zu deenen 1102km Reseau sollte bäidroen, goufe schlussendlech zréckbehalen? Wéi ass de Stand vun deene Projeten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7951 vum 2. Mee 2023 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

*Wéi vill vun deenen 430km, déi säit 2018 un neier Vëlospiste sollte gebaut ginn, si bis elo gebaut ginn?*

An dem genannten Zäitraum si follgend Vëlospiste vum nationale Vëlosreseau gebaut ginn:

| **Projet** | **Ongeféier Längt [km]** |
|---|---|
| PC1, Dommeldange - Beggen | 1,0 |
| PC3, Vianden - Bettel | 1,0 |
| PC3 (N10), Héttermillen - Stadtbredimus | 3,8 |
| PC3 (N10), Wormeldange - Ahn | 2,0 |
| PC3 (N10), Wormeldange | 1,4 |
| PC7 (N7) (provisoresch Streck) | 31,0 |
| PC7b, Urspelt - Marnach | 2,0 |
| PC8, Belval - Esch-sur-Alzette | 1,5 |
| PC8, Belvaux | 0,7 |
| PC8, Belvaux - Niedercorn | 5,3 |
| PC14, Schoenfels - Mersch | 3,1 |
| PC16, Ettelbruck - Diekirch | 1,8 |
| PC18, Heiderscheid - Esch-sur-Sûre | 7,3 |
| PC20, Halte de Merkholtz - Wiltz | 5,2 |
| PC21, Clervaux - Clervaux gare | 0,5 |
| PC27, Cimetière militaire Schaedhaff | 1,9 |
| PC29, Rennpad Junglinster - Bourglinster | 1,7 |

| | |
|---|---|
| PC35, Bascharage - Biff | 0,2 |
| PC104, Foetz - Pontpierre | 1,7 |
| **Total:** | 73,1 |

Et sinn och op anere Platze Deelstécker a Weeër amenagéiert, respektiv schonns fir d'Cycliste befuerbar, wou awer nach d'Uschlëss (nach an der Etude oder am Projet) zu bestoende Piste feelen an deementspriechend nach net vollstänneg als Vëloswee ze benotze sinn (feelend Verbindungen).

Parallel leeft e grousse Projet fir de kompletten nationale Vëlosreseau homogen auszeweisen, esou dat iwwert déi nächst Joren nei fäerdeg Deeler do bäigesat wäerte ginn.

*Wéi vill vun deenen 180 km (dovunner 113 km déi 2018 deklasséiert waren) déi vu fréiere Vëlospisten erëm sollten opgeholl ginn, sinn elo erëm Deel vum Reseau?*

D'Zuel vun 180 Kilometer ass net an deene vum Här Deputéierte referenzéierten Dokumenter ze fannen. Ausserdeem si mat deenen genannten 113 Kilometer national Vëlospiste gemengt, déi deklasséiert solle ginn esoubal eng besser Alternativ realiséiert konnt ginn.

Eng aner Méiglechkeet vun engem Deklassement ass, datt eng national Vëlospist net méi koherent mat der Strategie vum neie Vëlospistegesetz ass.

Momentan sinn nach eng 105 Kilometer ze deklasséieren esoubal all déi Verbindunge realiséiert gi sinn, déi d'Gesetz virgesäit. Dës Zuel kann awer ëmmer erëm variéieren (och no uewen) jee nodeems wéi déi geplangte Stréck sech am Verlaf vum Projet verännert.

Déi genannten 113 Kilometer vun 2018 sinn also net 1 zu 1 mat dëser Zuel ze vergläichen.

*Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil, dass 10% vun den Trajeten (>5km) Doheem-Aarbecht via Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut? Am Modu 2.0 war fir 2025 d'Zil festgesat ginn, dass 15% vun de Schoulweeër (>5km) mam Vëlo gemaach ginn. Bei wéi vill Prozent si mir haut?*

Aktuell Zuele leien net vir. Virun 2025 wäert eng grouss "enquête ménages" zur Mobilitéit (ewéi 2017) gemaach ginn an déi dann aktuell Wäerter liwweren.

*2018 ware 95 km vum Vëlosreseau am "trafic mixte". Wéi vill Kilometer sinn et haut? Wéi vill Prozent vun der Gesamtlängt vun de Vëlospiste sinn et haut?*

Momentan si vum nationale Vëlosreseau ongeféier 80 Kilometer am sougenannten "trafic mixte".

*<u>Wéi eng Projete fir nei Vëlospisten, déi zu deenen 1.102 km Reseau sollte bäidroen, goufe schlussendlech zréckbehalen? Wéi ass de Stand vun deene Projeten?</u>*

D'Stroossebauverwaltung schafft am Prinzip um Ausbau vum gesamte Vëlosreseau wei en am Gesetz virgesinn ass. Wei an der éischter Fro schonns duergeluecht, mussen nach vill Deelstrecken an Uschlëss op bestoend Strécke studéiert a gebaut ginn, ier komplett Verbindunge fäerdeg sinn. De Fortschrëtt vun de verschiddene Projete respektiv eenzele Lousen hänkt staark vun enger Réi Aspekter of, wei ënnert anerem den néidegen Terrainen, de Geneemegungen a Konventiounen.

Follgend een Iwwerbléck op all d'Vëlospisteprojeten, déi am Abléck vun der Stroossebauverwaltung op Basis vum genannte Gesetz (wat +- 585 Kilometer virgesäit) studéiert ginn:

| **Projet** | **Aktuell Etapp vum Projet** | **Ongeféier Längt [km]** |
|---|---|---|
| PC1 Luxembourg Merl | Maachbarkeetsetüd | 0,8 |
| PC1 Strassen - Bridel - Juegdschlass | Maachbarkeetsetüd | 6,1 |
| PC1 décharge Strassen - PC13 | Virprojet | 1,2 |
| PC3 Bettel - Hoesdorf | Virprojet | 5,2 |
| PC3 Hëttermillen - Ehnen | Avant-projet | 1,7 |
| PC5 Reisdorf - Ermsdorf | Virprojet | 6,9 |
| PC5 Reisdorf - Ermsdorf | Virprojet | (ofhängeg vun der zeréckbehalener Variant) |
| PC5 Koedange - Godbrange - Junglinster | Virprojet | 6,3 |
| PC6 Ellange Gare - Elvange | Maachbarkeetsetüd | 1,5 |
| PC6 Remerschen - Wintrange | Maachbarkeetsetüd | 3,0 |
| PC6 Hellange - Aspelt | Maachbarkeetsetüd | 6,8 |
| PC6 Aspelt - Mondorf | Maachbarkeetsetüd | 9,0 |
| PC6 Bascharage - Linger | Maachbarkeetsetüd | 1,1 |
| PC8 Niedercorn - Pétange | Maachbarkeetsetüd | 4,0 |
| PC8 Bettembourg - Dudelange - Kayl | Maachbarkeetsetüd | 5,0 |
| PC9 Reckange/Mess - Roedgen | Maachbarkeetsetüd | 1,9 |
| PC9 Limpach - Reckange/Mess | Maachbarkeetsetüd | 2,2 |
| PC9 Leudelange am Bann | Maachbarkeetsetüd | 1,8 |
| PC10 Abweiler - Leudelange | Maachbarkeetsetüd | 2,8 |

| | | |
|---|---|---|
| PC11 Alzingen - Aspelt | Maachbarkeetsetüd | 8,2 |
| PC12 Traversée de Useldange | Virprojet | 1,6 |
| PC12 Kleinbettingen - Steinfort | Maachbarkeetsetüd | 3,8 |
| PC12 Bissen - Boevange | Virprojet | 1,7 |
| PC12 Bissen - Boevange | Virprojet | 3,9 |
| PC14 Kopstal - Schoenfels | Virprojet | 7,4 |
| PC15 Mersch - Walferdange | Maachbarkeetsetüd | 6,5 |
| PC15 Mersch - Walferdange | Maachbarkeetsetüd | 0,8 |
| PC15 Schieren - Ettelbruck | Terrain | 1,9 |
| PC15 Mersch - Walferdange | Maachbarkeetsetüd | 7,5 |
| PC16 Goebelsmühle - Kautenbach | Terrain/Geneemegung | 3,9 |
| PC16 Diekirch - Campus LTA | Detailléierte Virprojet | 1,2 |
| PC16 Ettelbruck Gare - CHDN | Detailléierte Virprojet | 0,6 |
| PC17 Koetschette - Rambrouch | Geneemegung | 2,0 |
| PC18 (anc. PC17) Arsdorf - Lultzhausen | Detailléierte Virprojet | 9,0 |
| PC18 Haut Martelange - Martelange (Rombach) | Detailléierte Virprojet | 1,3 |
| PC18 Niederfeulen - Heiderscheid | Virprojet | 6,7 |
| PC21 Clervaux - Wilwerwiltz | Virprojet | 7,5 |
| PC22 Bleesbruck - Tandel - Fouhren | Terrain | 6,1 |
| PC24 Cruchten - Schrondweiler | Virprojet | 3,4 |
| PC24 Schrondweiler - Medernach | Virprojet | 6,0 |
| PC25 Niederfeulen - Grousbous | Detailléierte Virprojet | 8,5 |
| PC25 Grousbous - Useldange | Virprojet | 8,1 |
| PC26 Ehnen - Roodt/Syre | Virprojet | 6,7 |
| PC26 Ehnen - Roodt/Syre | Virprojet | 11,3 |
| PC27 Waldbredimus - Moutfort | Maachbarkeetsetüd | 8,5 |
| PC27 Moutfort - Gare Sandweiler | Maachbarkeetsetüd | 3,8 |
| PC27 Bous - Waldbredimus | Maachbarkeetsetüd | 1,2 |
| PC27 Stadtbredimus - Bous | Maachbarkeetsetüd | 3,3 |

| | | |
|---|---|---|
| PC27 Pulvermühle - Gare Cents | Maachbarkeetsetüd | 1,2 |
| PC27 Cimetières militaires - Gare Cents | Maachbarkeetsetüd | 1,8 |
| PC28 Capellen - PC12 Steinfort | Virprojet | 5,4 |
| PC28 Capellen - PC12 Steinfort | Virprojet | 2,4 |
| PC28 Centre logistique - Bettembourg Gare | Maachbarkeetsetüd | 6,5 |
| PC29 Junglinster - Bourglinster - Imbringen | Virprojet | 3,9 |
| PC36 Niederwampach - Troisvierges | Virprojet | 29,0 |
| PC37 Useldange - Keispelt | Virprojet | 4,3 |
| PC37 Useldange - Keispelt | Virprojet | 10,8 |
| PC38 Bascharage - Dippach-Gare | Virprojet | 3,6 |
| PC103 Berchem - Cloche d'Or | Avant-projet | 1,5 |
| PC7b Clervaux - Urspelt | Am Bau | 2,6 |
| PC9b/PC35 Dippach-gare | Am Bau | 1,7 |
| PC21 Clervaux - Maulusmühle | Am Bau | 5,2 |
| PC37 Peppange - Bettembourg | Am Bau | 0,5 |
| PC104 liaison Micheville | Am Bau | 1,1 |
| | **Total:** | **291,2 km** |

Lëtzebuerg, den 19. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch